# POMPJEESVERBAND FLASH Januar 2024

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS,

E puer wichteg Informatiounen aus der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 25. Januar 2024 :

**Postlaf an der Stad**

Den 10. Mäerz 2024 fënnt de Postlaf zu Gaasperech (Lëtzebuerg-Stad) statt. De Pompjeesverband huet eng Kategorie fir d' Memberen vum CGDIS, wou di beschte Leefer bei de Männer a bei de Fraen och Präisser gewanne kënnen.

Dir kënnt iech nach bis den 16. Februar beim Verbandsbüro umellen. Wann dir schonns fir d'Course ageschriwwe sidd, ass et och kee Problem, mellt iech un dir gitt an de Klassement vun de Pompjeeën agedroen. Méi Informatiounen fannt dir op www.fnsp.lu

**Schwammmeeschterschaften 2024 zu Dikkrech**

Den 24. Mäerz 2024 fannen d'Schwammmeeschterschaften vum Pompjeesverband an der Schwemm zu Dikkrech statt.

Dëst Joer ass et nei dass d'Amicallen kee Startgeld méi mussen iwwerweisen. D'Umeldungen ginn des Woch verschéckt, dir fannt se och ab dem 1. Februar 2024 op eisem Internetsite https://www.fnsp.lu/downloads.html an der Kategorie Sport.

**Kalenner vun der Pompjeeszeitung 2024**

Wann är Amicale eng Veranstaltung organiséiert setze mir gären des Informatiounen an de Kalenner vun onser Pompjeeszeitung, schéckt eis dofir einfach en Email op presse@fnsp.lu . Einsendeschluss fir di éischten Zeitung vun 2024 ass den 2. Februar 2024.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu | 49771-8093 | www.fnsp.lu | http://www.facebook.com/fnsp.lu/ | 3, blvd. De Kockelscheuer L-1821 Lëtzebuerg